N°2253
Entrée le 25.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.04.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Abrëll 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Fir d'Personal tëscht de Grondschoulen no engem objektive Krittär ze verdeelen, gouf mat der Grondschoulreform vun 2009 de Contingent agefouert. Et ass e Mechanismus, deen sech aus engem Basiscontigent an engem Zousatzcontingent zesummesetzt a sécher stelle soll, dass Schoule mat méi Kanner aus benodeelegte Verhältnisser och méi personnell Ressource kréien, fir dës Kanner ze ënnerstëtzen.

Rezent huet den *Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire* an engem thematesche Rapport mam Titel "Contingent - Evaluierung und Perspektiven für mehr Chancengleichheit im Enseignement Fondamental" de Mechanismus ënnert d'Lupp geholl. Aus de Conclusioune vum Rapport geet ervir, dass d'Methodik vum Contingent insgesamt net a Fro gestallt gëtt, mee dass e puer Upassungen un déi aktuell Situatioun néideg wieren. Den Observatoire formuléiert dofir fënnef konkret Recommandatiounen am Zesummenhang mam Contingent-System fir d'Bildungsongläichheeten méi kléng ze maachen– zu deene Recommandatioune gehéiert d'Erhéijung vum Zousatzkontigent.

Och de *Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL* (SEW/OGBL) huet sech rezent mam Sujet vum Contingent befaasst an huet de Bildungsministère ëffentlech opgefuedert, "de Contingent-System grondleeënd ze iwwerdenken an no uewen unzepassen", fir de Schoulen den Handlungsspillraum ze ginn, "fir flexibel an zilorientéiert op d'Bedierfnesser vun hire Schüler:innen reagéieren ze kënnen".

An deem Kontext wéilte mir dem Minister follgend Froe stellen:

- Wéi eng Suite gëtt de Minister de Recommandatiounen aus dem Rapport thématique vum *Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire?*
- Wéi eng Suite gëtt de Minister den Doléancen vum SEW/OGBL?
- Sinn Upassungen um Niveau vum Contingent (z.B. eng statistesch Glättung, eng Erhéijung vum Zousatzkontingent o. Ä.) geplangt?
  Falls jo: Wéi eng? Fir wéini plangt de Minister Upassungen? Falls nee: Wéi argumentéiert de Minister, datt en déi offensichtlech noutwendeg Upassungen net mécht ?


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

- Sinn zousätzlech Färderprogrammer geplangt, fir Schoulen ze hëllefen, déi zousätzlech Ënnerstëtzung brauchen?
  Falls jo: Wéi eng Programmer si virgesinn? Wéini ginn esou d'Programmer en place agefouert? Falls nee: Firwat kënnt de Minister der Recommandatioun vum Observatoire net no?

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| Francine Closener<br>Deputéiert | Dan Biancalana<br>Deputéierten |



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu